**20 Projeten ginn an der 1. Sessioun vun dësem Joer vum Filmfong finanziell ënnerstëtzt.**

De Comité de sélection huet an dëser Sessioun net manner wéi 34 Projeten analyséiert. 20 Filmprojete kréie finanziell Ënnerstëtzung vum Filmfong. Dat huet de Comité de sélection de Freiden den Owend matgedeelt. An der Produktioun goufen 8 Projeten vun Lëtzebuerger Réalisateuren ënnerstëtzt : - De Film LE BAISER vum Thierry Besseling - D’Série BROTHERS vum Simon Farmakas – D’Série 3,2,1 GO ! vum Sarah Sutter an Laurent Witz - De Kuerzfilm LINDA, LINDA ! vum Kiyan Agadiani – De Kuerzfilm RACCROCHER vum Marylène Andrin – De Kuerzfilm LE DERNIER DIMANCHE DE MAI vum Alexandre Bordier – De Kuerzfilm MATIN BRUN vum Carlo Vogele – De Kuerzfilm TRAME CACHÉE vum Sophia Kolokouri. Am Ganzen ginn 7 Filmer, 3 Animatiounsfilmer, 1 Documentaire, 2 Live Sérien, 1 Animatiounssérie, 3 Kuerzfilm, 2 Animatiounskuerzfilmer an 1 VR Projet finanziell ënnerstëtzt. De Comité de sélection kennt all Joers véiermol zesummen, déi nächst Sessioun wäert dann am Mee 2024 statt fannen. Déi komplett Lëscht mat alle Projeten, déi zeréckbehale goufen, fannt Dir am offiziellen Pressecommuniqué vum Filmfong.